


Alt erëm eng Kéier geet de Staat mam schlechte Beispill vir. Op der Rumm ass di parastaatlech Verwaltung Servior amgaang d'Altersheim net einfach ze moderniséieren, mä komplett ëmzebauen. Dass dat noutwenneg wor, stellt de Koschter net a Fro. Mä firwat all di Kasären, déi de Vauban an de Joren 1680 gebaut huet, komplett ausgehielegt musse gin, ass net ze verstoen. Ass dat kompatibel mam Status vum Patrimoine mondial? Am Géigesaz zur Cité judiciaire läit d'Rumm am UNESCO-geschützte Secteur. Op d'mannst ee Gebei hätt dach missen integral erhale ginn an enger Stad, déi sech ëmmer neess mat hirer Vaubansfestung bretzt. Op d'mannst een Trapenhaus hätt dach misse stoe bleiwen, fir d'Vaubansmaueren net zu pure Kulissë verkommen ze loossen. Wéi eng Commission des sites et monuments, wéi e Kulturminister konnt zu deem Crime un onser Vergaangenheet seng Erlaabnis ginn? Säit et en Direkter vum Service des sites et monuments gouf, deen de Bauere Subsidë geschenkt huet, wa se hir Fassad mat der richteger Faarw ugestrach hunn, hält och fir all Kulturpolitiker zu Lëtzebuerg den Denkmolschutz direkt hannert der Fassad op. A si maachen alles fir nëmme keng kompetent Fachleit op Plazen ze setzen, déi géife fir aner Standardë suergen. Weider esou, no Dresden dierft och Lëtzebuerg säin UNESCO-Titel geschwë lass sinn!



m.p.